



de pefferkär fir Diddeleng

Gemengewahlen 2011

>>Eng kloer Sprooch zu Diddeleng!<<

Léif Matbiergerinnen,
léif Matbierger vu Diddeleng,

Wéi an der nationaler Politik well d'ADR lech mat dësem Wahlprogramm och op Gemengenniveau eng kloer Alternativ zu deenen anere Parteie bidden.

Aneisem Wahlprogramm fird'Kommunalpolitik setz mir 5 Prioritéiten. Déi véier éischt Prioritéite betreffen all Gemeng. Mat dëse Prioritéite wëlle mir lech net ze vill versprechen, mä awer e realistesch Programm presentéieren, deen sech mat enger engagierter Equipe och wierklech a sechs Joer realiséiere léisst!

Déi 5. Prioritéit bezitt sech méi speziell op d'Hauptstad, huet awer fir d'ganz Land an doriwwer eraus fir d'Groussregioun seng Wichtigkeet: D'ADR sëtzt sech mat Nodrock fir de City-Tunnel a géint den Tram an. Och fir Diddeleng kann e City-Tunnel, tëschtent de Garen Diddeleng-Stad an Diddeleng-Wierk, d'Léisung sinn fir

deen däregen Problem mat de ville Barrièren!

Op deenen nächste Säite wëlle mir lech eis Prioritéiten an eis aner Propositione méi genee presentéieren.

Mir sinn iwwerzeegt, datt eis Iddien déi richteg Alternativ fir lech an Är Gemeng sinn, a mir hoffen, datt Dir duerfir der Lëscht vun der ADR Äert Vertraue schenkt! Wat mir lech awer elo


schonns verspieche kënnen, ass, datt mir am Asaz fir Diddeleng bei all Problemer eng kloer Sprooch wäerte schwätzen.

Eng kloer Sprooch an eng aktiv Opposition ass fir Diddeleng ganz besonnesch wichteg, wou dach d'LSAP joerzengtelaang eleng un der Muecht ass a wichteg Problemer, wéi de Verkéier oder d'Erhale vun engem liewegem Geschäftsliewen, net geléist huet.

4 Prioritéiten fir all Gemeng

1. D'Lëtzebuerger Sprooch muss d'Sprooch vun der Integratioun sinn, an muss dofir an all Gemeng op déi éischt Plaz kommen.
2. Bis 2018 muss all Gemeng behënnertegerecht sinn.
3. All Gemeng muss e Plang ausschaffen, fir d'ëffentlech Sécherheet ze verbessern.
4. All politesch Aktioun muss d'Familljen mat Kanner besonnesch berücksichtegen.

1. D'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur op déi éischt Plaz!



D'ADR ass déi eenzeg Partei déi sech iwerall konsequent fir d'Lëtzebuerger Sprooch a Kultur a verlaangt, datt d'Lëtzebuerger Sprooch als Nationalsprooch an eiser Verfassung festgeschriwwen gëtt. Och d'Gemenge spillen, an Zesummenaarbecht mam Staat, eng wichteg Roll am Erhalen an am konsequente Gebrauch vun eiser Sprooch! Et geet hei net drëm, fir d'Immigranten „auszegrenzen“, mee d'ADR ass iwwerzeegt, datt d'Lëtzebuerger Sprooch dat bescht Mëttel ass fir eng erfollegräich Integratioun a fir d'Erhale vun der lëtzebuerger Identitéit.

Am Wahlprogramm mécht d'Alternativ Demokratesch Reformpartei duerfir eng ganz Rei Virschléi, wouvun der hei e puer erausgegraff ginn:

Am Gemengerot gëtt Lëtzebuergesch geschwat!

Dëst ass haut nach d'Regel, d'ADR wëll datt et och esou bleift, besonnesch wou d'CSV-LSAP Regierung duergesat huet datt och Netlëtzebuerger kënnen Buergermeeschter ginn.

Wou et lëtzebuergesch Stroossen- oder Flournimm gëtt, ginn déi exklusiv gebraucht. Op de Gemengegebaier, wou dëst nach net de Fall ass, ginn déi franséisch Bezeechnungen duerch lëtzebuergesch Wierder ersat, z.B. Gemeng amplaz „Mairie“, Pompjebau amplaz „Caserne des Pompiers“, Dokteschhaus amplaz „Maison médicale“.

Gemengepublikatiounen mussen fir d'ëischt op Lëtzebuergesch sinn. Doniewent kënnen och Däitsch a Franséisch benotzt ginn. Jee no der Populatioun kënnen fakultativ dann och nach aner Sproochen derbäi kommen, wéi Portugisesch, Italienesch oder Englesch. Op den Uertschëlde gëtt progressiv déi lëtzebuergesch Uertschaftsnimm als éischt an am Fettdrock gebraucht. D'Netlëtzebuerger müssen och d'Méiglechkeet kréien, eis Sprooch ze léieren. D'Gemengen sollen Graticoursen organiséieren. Auslännesch

Matbierger ginn iwwert dës Offer an engem personaliséierte Schreiwes an hirer Sprooch informéiert.

Weider trëtt d'ADR dofir an, datt d'Personal am Gesondheits- a Sozialsektor (z.B. an der Betreuer vun eelere Leit) muss lëtzebuergesch schwätzen. Och d'Gemengepersonal muss lëtzebuergesch schwätzen.

Fir d'Integratioun vun de klengen Kanner virunzedreien, soll an de Crèche an an de maisons relais Lëtzebuergesch geschwat ginn. D'Personal dat an dësen Haiser schafft muss obligatoresch d'Lëtzebuerger Sprooch beherrschen. De Staat an d'Gemengen müssen doriwwer eraus gratis Sproochkursen ubidden fir Personal dat an der Geschäftswelt engagéiert ass.

All Gemengorganisatiounen all Joer e lëtzebuergesche Kulturprogramm.

ADR: un message clair dans votre commune

Retrouvez les priorités du Parti démocratique réformateur pour les élections communales en français en pages 6 et 7

Inhalt:

4 Prioritéiten fir all Gemeng	S. 1
ADR, déi SOZIAL Partei	S. 3
Verkehrschao in Diddeleng	S. 4
Straßenerneuerung	S. 4
Outlet Living: welche Folgen?	S. 5
Ein neues Jugendhaus	S. 5
Les priorités de l'ADR	p. 6
Kandidaten:	S. 8

2. Fir behënnertegerecht Gemengen !

Den 13. Juni vun dësem Joer huet d'Chamber, mat de Stëmme vun der ADR, d'UN-Convention fir d'Rechter vun de Mënsche mat Behënnerunge ratifizéiert. Dat ass eng gudd Saach fir déi Persounen, déi dovunner betraff sinn. Et geet awer net duer fir en Text am Parlament unzehuelen; [d'Rechter vun de behënnerte Matbierger mussen och an der Realitéit ëmgesat ginn.](#)

Fir datt dat um Terrain klappt, stinn och d'Gemengen an der Responsabilitéit.



Dës Toilettë beim Kierfecht sinn net fir Behënnerter zougänglech... a maachen och soss kee gudden Androck

D'ADR fuerdert duerfir konkret:

[All Gemeng muss bis Juli 2012 en Inventar opstellen](#), aus dem ervir geet, ob all ëffentlech Gebaier wéi z.B. Gemeng, Schoulen, Crèchen, maisons relais, sportlech a kulturell Infrastrukturen, awer och Plazen, Kierfechter, Foussgängerpassagen rollstull- a behënnertegerecht amenagéiert sinn. Dobäi muss och un d'Evakuatioun vun deene Leit an Noutfäll, wéi z.B. bei Feier, geduecht ginn. Duerno muss am Kader vun engem

Fënnefjoeresplang alles, wat net behënnertegerecht ass, prioritär ugepasst ginn, z.B. duerch Rampen, Lifter, ugepassten Toiletten, speziell Quaien bei Busarrëten fir Rollstullfuerer, akustesch Signaler fir déi Blann bei Verkéiersluuchten, Bezeechnungen an der Braille-Schrëft. Eng Kommissioun, wou och Behënnerter dra vertruede sinn, soll dës Plang begleeten an driwwer waachen, datt d'Prioritéiten agehale ginn.

Am Bauterèglement muss ageschriwwen ginn, datt all Appartementshaus dat nei gebaut gëtt, muss accessibel sinn fir Rollstullfuerer. Dat selwecht muss fir all nei Geschäfte a Büroe gellen.

D'Publikatiounen vun der Gemeng mussen iwwerpréift ginn, ob a wéi si kënnen am Dénkscht vun deenen eelers a behënnerte Leit verbessert ginn. (z.B. iwwert d'Benotze vu méi grouss Buchstaven an engem Layout fir Leit déi net méi esou gudd gesinn,...).

D'Gemengen, iwwert eng Kommissioun oder Personal mat enger besonnescher Formatioun, sollen de Kontakt siche mat deenen Elteren, déi schwéier krank oder behënnert Kanner hunn, fir ze kucken ob a wéi si hinnen Hëllef kënnen, an dat komplementär zu de Servicer vum Staat. Dat kann z.B. am speziellen Aménagement vun de Gebaier vun der Schoul, der Crèche a maison relais bestoen, Upassungen um Schoulwee.

Wéi et am Gesetz vum 12. September 2003 virgeschriwwen ass, muss all Gemeng op d'mannst 5% Salariéen astellen, déi ënnert de Statut vum „travailleur handicapé“ falen. Do dierf et keng Ausrieden, keng Ausnamen a keng Derogatiounen ginn! Déi uewen zitéiert Kommissioun, mat der Personaldelegatioun, passt op, datt dës gesetzlech Norm respektéiert gëtt.

organiséiere kënnen, datt de Respekt vun hire Polizeireglementer garantéiert ass. An Noutfäll mussen d'Police, déi aner Secherheitsdénkschter an d'Gemeng enk zesumme schaffe kënnen, an dat iwwert gëeegent Prozeduren a Strukturen.

Fir all Gemeng muss e lokale Secherheitsplang zesumme mat der Police ausgeschafft ginn. Dës muss regelméisseg op seng Efficaciteit iwwerpréift ginn, e muss ëffentlech bekannt sinn an d'Suggestiounen an d'Doléancë vun de Bierger mussen an dësem Plang berücksichtegt ginn.



[D'Police muss méi eng grouss Präsenz um Terrain weisen](#), an esou organiséiert sinn, z.B. mat „Commissariats de proximité“, datt d'Leit sech méiglechst sécher fille kënnen. D'Ziel vun de Beamten an d'Zäitewoudes Policekommissariater funktionnéieren, mussen de lokale Verhältnissen ugepasst sinn. D'Gemenge mussen, wann si et wënschen, der Police adequat Raimlechkeeten dierfen zur Verfügung stellen.

D'Police muss, um lokalen an um regionale

4. Sozialplang fir Familljen !

Och a grad no der Reform vum „Sozialbüro“ (office social) bleiwen d'Gemengen an der Pflicht fir deene méi schwache Matbierger ze hëllef. An d'Evolution vun eiser Gesellschaft, wou ëmmer méi Leit eleng liewen, oder wou een Elterendeel eleng fir Kanner muss suergen, bréngt et mat sech, datt besonnesch um lokalen Niveau d'Solidaritéit ganz grouss geschriwwen gi muss. Fir d'ADR ass et wichteg, dat och déi sozial schwach e Liewen an Dignitéit féiere kënnen!

Fir dat ze erreechen stellt d'ADR dës Fuerderungen: All Gemeng soll e Sozialplang fir sechs Joer ausschaffen. Tëscht de Gemenge solle regional Sozialpläng entwéckelt ginn, déi all Sozialleeschungen an Hëllefstrukturen vernetzen. Familljen an eenzel Leit, déi Hëllef brauchen, mussen vill ze dacks Ufroen op ënnerschiddleche Plaze maachen, fir vu verschiddene Leeschungen an Ënnerstëtze kënnen ze profitéieren.

D'ADR wëll dat méi einfach maachen! Jiddereen deen Usproch op Hëllef huet, soll sech kënnen un eng Referenzpersoun adresséieren, déi bei deenen néidegen Demarchen hëllef. Déi sozial, edukativ a finanziell Ënnerstëtze sollen optimal vernetzt ginn, fir e méiglechst effice Encadrement ze garantéieren.



3. Fir eng besser ëffentlech Sécherheet !

Zu den elementare Rechten vun de Bierger gehéiert d'Gefill, a Secherheet ze liewen, an am Rechtsstat muss déi ëffentlech Hand, a si eleng, fir dës Sécherheet suergen. Dobäi gëllt fir en demokratesche Staat, den Equiliber ze fannen tëscht Sécherheet a perséinlecher Fräiheet.

[D'ADR ass sech de Schwierigkeete bewosst, fir Secherheet a perséinlech Fräiheet ënner een Hutt ze bréngen, esou wuel um nationale wéi um lokale Plang.](#)

Vill, vläicht ze vill Kompetenzen wat d'Sécherheet ugeet, leien haut an den Hänn vun der nationaler Politik. Dofir mussen och op dësem Plang de Staat an d'Gemengen enk zesumme schaffen, woubäi d'Gewicht vun de Gemengen erëm méi staark muss ginn.

Duerfir fuerdert d'ADR konkret:

[Méi e grouss Matsproochrecht fir d'Gemengen](#), wat d'Aarbecht vun der Police betrëfft. D'Gesetzleeë de Gemengen eng ganz Rei vu Verpflichtungen op, wat d'Sécherheet op hirem Territoire ugeet. Duerfir mussen d'Gemengen op d'Hëllef vun der Police kënnen zréck gräifen. D'Gemenge mussen sech esou

Plang, kënnen séier op eng effice Verstärkung zielen, fir a spezielle Situatiounen Recht a Gesetz kënnen oprecht ze halen.

[An alle Fäll muss d'Police iwwer déi néideg Mëttel verfügen, fir géint Banden kënnen virzegoen.](#) Op besonnesch geféierleche Plaze solle Kameraen installéiert ginn, dës awer ënner dem strenge Respekt vun der Privatsphäre an dem Schutz vun de perséinlechen Daten. D'ADR ass der Meinung, datt Kameraen nëmmen en Zousazinstrument kënnen sinn, an op kee Fall en Ersatz fir déi néideg Präsenz vun der Police um Terrain.

Och d'Ariichtungen sollen zur Sécherheet bäidroen, an hei hunn d'Gemengen eng besonnesch Roll ze spillen. Déi ëffentlech Beliichtung muss z.B. deenen neiste Konzepter gerecht ginn. De „Mobilier urbain“ (Busarrëten, Bänken, ...) muss esou ugeluecht sinn, datt der Kriminalitéit an dem Vandalismus entgéintgewierkt gëtt. Ëffentlech Gebaier, wéi d'Gemeng, d'Schoulen, a.s.w. mussen duerch technesch Moossname wéi Alarmanlagen oder d'Präsenz vu Personal geschützt sinn.

Vill kléng Delikter kënnen duerch eng effice Aarbecht vu «Streetworkeren», déi d'Vertraue vun de Concernéierten hunn, evitéiert ginn. Hei muss et eng gudd Zesummenaarbecht tëscht den nationalen an lokale Verantwortleche ginn, et muss vernetzt geduecht ginn an déi néideg Strukturen um lokale Plang, wéi Jugendhaiser, mussen effice funktionnéieren.



De Marc Schiffmann, Kandidat zu Diddeleng, am Gespréich mam Gast Gibéryen, President vun der ADR-Fraktioun.

De Pefferkär: D'ADR déi sozial Partei: wat zeechent d'ADR besonnesch dofir aus?

Gast Gibéryen: D'ADR ass 1988 gegrënnt ginn, fir Rentegerechtigkeit ze realiséieren, an déi hu mir bannen 10 Joer gréisstendeels duerchgesat:

- D'Renten am Privatsektor si massiv gehéicht ginn,
- vum 1. Januar 1999 un bezillt jiddereen am Land, ob am privaten oder ëffentleche Sektor, déi selwecht Cotisatioun a kritt dee selwechten Ajustement,
- jiddereen, deen nom 1. Januar 1999 am ëffentleche Sektor agestallt ginn ass, kritt séng Pensioun op Basis vu séngen abezuelte Cotisatiounen berechent.

PK: Mission accomplie kënnt een deemno soen....

G.G.: Leider nët: Grad haut, wou d'Konsequenze vun der internationaler Wirtschaftskris um Bockel vun deenen, déi iwwerhaupt keng Schold drun hunn, nämlech de schaffende Leit an de Kleng- a Mëttelbetriber ausgedroe ginn, ass et wichteg, datt et eng ADR gëtt.

Zanter Joeren gëtt nämlech hei am Land sozialen Ofbaubedriwwen, duerch Erhéijung vunde Steieren, de Cotisatiounen, den Taxen, der Manipulatioun vum Index a vum Rentenajustement asw. Gläichzäiteg gëtt d'Wunnen ëmmer méi deier. D'Konsequenz dovun ass ëmmer méi Aarmut a sozial Ausgrenzung.

CSV-LSAP-Sozialofbau:

Steieren: Erhéijung vun der Steuerlaascht duerch d'Nët-Upassen vun der Steiertabell un d'Inflatioun, Aféierung vun enger Krisesteier, Erhéijung vun der Solidaritéitssteuer.

Cotisatiounen: Erhéijung vun de Cotisatiounen an der Eegebedeelegung bei der Krankes, Erhéijung vun de Cotisatiounen bei der Fleegeversécherung (+ 40%).

Desindexatioun, d.h. Nët-Upasse vum Kannergeld un d'Deirecht

Eropsetze vum Pensiounsalter vu 60 op 65 Joer bei der Mammerent; doduerch verléiert all Mamm iwwer 5.000 Euro pro Kand wat si op d'Welt gesat huet.

Verréckelen vum Rentenajustement

Manipulatioun vum Index: Fir d'lescht ass d'Applikatioun vun enger Indextranche vum 1. Mee 2011 op den 1. Oktober 2011 no hanne geréckelt ginn.

Massiv Erhéijung vun de Waasser- an Ofwaassertaxen

ADR - déi SOZIAL Partei !

E Gespréich mam Fraktiounspresident Gast Gibéryen

PK: Wéi steet d'ADR zu der Fro vum Index?

G.G.: Am Géigesaz zu CSV-LSAP-DP an Déi Gréng ass d'ADR déi eenzeg Partei, déi sech an hirem Wahlprogramm konsequent géint all Indexmanipulatiounen ausgeschwat huet. Den Index ass e bewäerte System, dee bal jidderengem eng Upassung vu séngem Akommes un de Kafkraaftverloscht garantéiert. Wichteg ass, datt jiddereen den Index kritt, och déi Leit, déi ënnert kee Kollektivvertrag falen, déi géife soss näischt kréien. Den Index erhält d'Kafkraaft vum Konsument, a stäipt domatt och den Emsaatz an d'Existenz vun eise Kleng- a Mëttelbetriber. Den Index ass deemno och wirtschaftlech e positivt Instrument, e bréngt soziale Friden a verhënnert deier Streiken, wéi mer se am Ausland, wou et keen Index gëtt, ëmmer erëm erliewen.

Waasserpräis: Eng heemlech awer béis Indexmanipulatioun

Et ass nach eng béis Indexmanipulatioun virgeholl ginn, vun där kaum geschwat gëtt: déi massiv Erhéijung vun de Waasser- an Ofwaassertaxen. Lëtzebuerg huet op déi Europäesch Direktiv nach eng Schëpp drop geluet an domatt de facto eng onnéideg Steiererhéijung duerchgezunn.

De Clou ass awer, datt d'CSV-LSAP-Regierung niewebäi an d'Gesetz geschriwwen huet, datt des Taxenerhéijungen beim Waasser an Ofwaasser indexneutral wieren, d.h. bei der Berechnung vum Index net berücksichtegt ginn.

PK: Elo gëtt gesot, no der Indextranche vum 1. Oktober dëst Joer géif déi nächst schonns ugangs d'nächst Joer erfalen, a misst dofir och no hanne verréckelt ginn.

G.G.: Dat stëmmt; et heescht, datt déi nächst Indextranche kuerz no där vum 1. Oktober fälleg wäer. Déi erfällt awer nët méi séier wéi normal, mee déi vum Oktober kënnt méi spët wéi se a Wierklechkeet geschëllt war. An der Logik vun der CSV-LSAP-Regierung géifen deemno an Zukunft all Indextranchen no hanne geréckelt ginn. D'Regierung wëllt virun de Gemengewahlen awer keng Äentwert op déi Fro ginn, jidderee weess wuerfir.

PK: Komme mer op de Pensiounssystem ze schwätzen.

G.G.: Obschonn d'Pensiounskees eng Rekordreserve vun iwwer 10 Milliarden Euro huet, huet d'Regierung och bei de Renten zougeschloen an den Ajustement vum 1.1.2009 op zwee Joer verdeelt. Dat selwecht ass beim Ajustement vum 1.1.2011 geschitt.

PK: Besteet da bei de Pensiounskeese keen Handlungsbedarf?

G.G.: Kuerz -a mëttelfristeg net. Mat enger Reserve vu ronn 10 Milliarden Euro wat 3,7 mol d'Joeresdepensen ausmécht, ass eise Pensiounssystem ee vun deene gesondsten weltwäit. Eis däitsch a franséisch Noperen hunn z.B. nëmmen eng Reserve vun e puer Wochen.

Dat wëll awer net heeschen, dass eise Pensiounssystem laangfristeg geséichert ass. Eise System ass op dem sougenannten „Umlageverfahren“ opgebaut. Dat heescht, mat de Cotisatiounen vun haut bezuele mer d'Pensiounen vun haut. Well an deene leschte Joeren d'Zuel vun de „Beitragszahler“ staark geklommen ass, konnte mir zousätzlech eng zolitt Reserve uleeën. Déi brauche mer awer och, well an Zukunft ëmmer méi Leit an d'Pensioun ginn.

De Problem an eise aktueller System

ass, datt wann ëmmer méi Leit an d'Pensioun ginn, och gläichzäiteg méi Leit müssen abezuelen, an dat mat enger konstanter Progressioun, sou datt mer am Joer 2050 misste ronn eng Millioun Leit hei am Land beschäftegen, ouni datt de Problem awer am Fong geléist wäer. Am Contraire, mir wäere veruerteelt an där Progressioun weider ze wuessen.

D'ADR wëll eise Kanner a Kandskanner hir Zukunft nët domatt belaaschten a seet kloer NEEN zu dëser Entwécklung. A wann een Neen seet, da muss een och bereet sinn, eppes ze änneren.

Obschonn eis Reserven héich sinn, hu mir en Interessi, mat Zäiten ze reagéieren, an doduerch déi néideg Moossnamen erträglech ze halen. D'ADR huet duerfir als éischt Partei ufanks 2011 eng Rei vu Propositionen gemeet, déi keng Pensiounskierzungen no sech zéien a sozial vertriebar sinn (Detailer ob www.adr.lu).

Déi vum LSAP-Sozialminister am Numm vun der CSV-LSAP Regierung gemeeten Propositionen, déi Pensiounskierzungen bis zu 15 % mat sech bréngen, si fir ons net akzeptabel.

PK: Dir sot d'ADR déi sozial Partei, an déi aner Parteien?

G.G.: Dee ganze Sozialofbau ass vun enger CSV-LSAP Regierung duerchgesat ginn. Genau esou kloer ass awer och, datt a verschiddene Punkte wéi z.B. beim Index d'DP an déi Gréng nach méi wäit wollte goen an d'DP esou guer géint d'Opspléckung vum Rentenajustement gestëmmt huet, well si iwwerhaupt keen Ajustement wollt abezuelen.

Doriwwer eraus gesi mer, datt do, wou déi Gréng am Schäfferot sinn, d'Gemengesteieren an Taxen am meeschte gehéicht si ginn.

Eis Armani-Gréng schwiewen héich iwwer der sozialer Realitéit.

PK: Wat fir Konsequenzen hunn d'Gemengewahlen fir déi national Politik?

G.G.: Virun de Wahlen gëtt gesot, d'Gemengewahlen hätten näischt mat der Nationalpolitik zedinn. Wann d'Regierungsparteien bei de Gemengewahlen géife gestärkt ginn, da gëtt dat awer ganz sécher vun hinnen no de Wahlen als Bestätegung vun der Regierungspolitik ausgeluet.

Et ass duerfir wichteg, datt d'Wieler bei de Gemengewahlen mat hirer Stëmm dem vun der CSV-LSAP Regierung bedriwwene Sozialofbau e staarken NEEN entgéintsetzen.

Verkehrschao in Diddeleng: Nur ein City-Tunnel kann Abhilfe schaffen!

Seit Jahrzehnten wird in Düdelling über die Aufwertung des Stadtkernes diskutiert. Hauptsächlich vor den Wahlen stellt die LSAP dieses Thema ins Schaufenster was sie auch jetzt wieder tut.

Bereits 2005 gab es einen Architektenwettbewerb der die Möglichkeiten aufzeigen sollte, wie die „Niddeschgas“ vom Bahnhofsareal bis zu den Arcelor Industriebrachen neu gestaltet werden könnte, mit dem Ziel das Zentrum von Düdelling als Einkaufszentrum zu revalorisieren und somit die ganze Stadt aufzuwerten.

Wie gesagt, seit vielen Jahren wird nun schon geplant, diskutiert und vorgestellt. Doch passiert ist nichts und das obwohl die LSAP mit Bürgermeister und Abgeordnetem Alex Bodry viel versprochen haben. Die Konsequenz: Der Verkehr nimmt immer mehr zu und die Geschäftswelt sowie die Einwohner müssen darunter leiden.



Durch die katastrophale Situation auf der Autobahn A13 während des Berufsverkehrs, benutzen immer mehr Pendler die Durchfahrt durch Düdelling als Alternative. Jeden Morgen und jeden

Abend rollt der gesamte Pendlerverkehr durch Düdelling, mit steigender Tendenz. Dadurch, dass der Zug im 20 Minutentakt die Schließung der Bahnschranken erfordert wird die Situation ebenfalls nicht verbessert.

Hinzu kommt, dass durch den vorgesehenen Ausbau der Industriebrache „Op der Schmelz“ ein noch größeres Verkehrsaufkommen entstehen wird.

Die ADR schlägt prioritär die Lösung City-Tunnel vor.

Das totale Verkehrschao ist also vorprogrammiert. Es gibt nur eine Lösung, eine Umgehungsstraße.

Um den Stadtkern wirklich zu entlasten schlägt die ADR eine in zwei Richtungen befahrbare Umgehungsstraße vor, welche von der „rue de Bettembourg“ aus über die jetzt noch bestehenden Bahntrasse zwischen der „rue de L'Etang“ und der „rue du Chemin de Fer“ führt und in die „route de Thionville“ mündet.

Die Bahntrasse muss zu diesem Zweck vor dem Hauptbahnhof unter die Oberfläche mittels einer Untertunnelung geführt werden. Die Ausfahrt des Tunnels könnte dann in Höhe des Wasserturmes liegen.

Eine Alternative wäre es, die Zugstrecke am Hauptbahnhof enden zu lassen, und die weitere Strecke über „Gare Usine“ bis nach „Volmerange“ mit gratis Citybussen oder Ähnlichem über die neue Umgehungsstraße zu bedienen.

Die Situation in der „rue de l'Etang“ und der „rue du Chemin de Fer“ würde sich für die Einwohner verbessern, da der ganze Verkehr weiter weg von den Häusern zur Mitte hin verlegt wird.

Technisch ist dieses Projekt durchaus machbar, es bedarf nur des politischen Willens.

Sollte Düdelling etwa weniger wert sein?

In anderen Ortschaften wurden mit Beteiligung des Staates ähnliche Projekte realisiert z.B: in Leudelingen und Bascharage wurden Unterführungen gebaut um Bahnschranken zu eliminieren. Das Gleiche soll in naher Zukunft in Schiffingen realisiert werden.

Lange genug hat die LSAP eine Verkehrspolitik ohne Weitsicht und ohne Visionen betrieben. Seit Jahren ist die Problematik bekannt ohne dass sich etwas tut. Die ADR ist der Meinung dass hier schnell gehandelt werden muss und wird sich vehement dafür einsetzen.

Straßenerneuerung in Düdelling



Nach und nach werden die Strassen in den Düdelling Wohnvierteln in Tempo 30 Zonen umgewandelt.

Die damit verbundenen Renovierungsarbeiten sind für die Bewohner dieser Strassen mit unvermeidlichen Unannehmlichkeiten verbunden. Aufgabe der Gemeinde ist es daher diese Arbeiten so koordinieren, dass die Maßnahmen in möglichst kurzer Zeit durchgeführt werden.

Letzteres ist aber nicht der Fall, wie das Beispiel der „rue Pasteur“ zeigt, wo sich die Bauarbeiten über unsägliche 2 Jahre hingen.

Verkehrsberuhigung bedeutet aber nicht Verkehrsbehinderung. Jene Strassen, in denen zum Beispiel der City-Bus verkehrt, sollten so ausgelegt sein, dass Busse und Autos aneinander vorbeikommen, ohne dass einer von beiden in eine Parklücke ausweichen muss (falls vorhanden). Ist diese Möglichkeit nicht gegeben, kommt es unweigerlich zu Verkehrsstauungen.

Die ADR begrüßt und unterstützt die Umwandlung der Infrastrukturen in Tempo 30 Zonen, setzt sich aber dafür ein, dass die Gemeinde als Bauherr, mit den ihr zu Verfügung stehenden Mitteln, dafür Sorge zu tragen hat, dass die Umbauarbeiten in einem vernünftigen Zeitraum abgeschlossen werden.

Die ADR setzt sich aber auch dafür ein, dass diese Strassen so konzipiert werden, dass Busse, Pkw's und Lieferwagen ohne Probleme aneinander vorbeikommen.

ADR-Vorschlag City-Tunnel für Diddeleng - Schematische Darstellung

- City-Tunnel
- in beide Richtungen befahrbare Umgehungsstraße



Outlet Zentrum Livingen: Welche Konsequenzen für Düdelingen?

LSAP und CSV opfern den Düdeler Einzelhandel!



Hier soll das neue Fussballstadion und Outlet Zentrum hinkommen (rot eingegrenzter Bereich)

Vor Kurzem wurde in Livingen das Projekt des neuen Fussballstadions vorgestellt. Neben dem Stadion sind außerdem ein 75 000 Quadratmeter großes Outlet Zentrum (in der Größe der „Belle Etoile“) sowie 4500 Parkplätze vorgesehen.

Dieses Projekt, sollte es so realisiert werden, wird sich in einem Umkreis von einigen Kilometern äusserst negativ auf den Einzelhandel auswirken, ganz sicher auch auf die Düdeler Geschäftswelt.

Die Kritik des Handelsverbandes und hauptstädtischen Einzelhandels ist absolut nachvollziehbar, als sie negative Konsequenzen für ihre jeweiligen Gewerbe befürchten. Auch der Schöffenrat der Gemeinde Luxemburg und Esch meldeten Bedenken an.

Bürgermeister Helminger meinte damit würde die Stadt Luxemburg als Einkaufszentrum ausbluten.

LSAP und CSV opfern den Düdeler Einzelhandel

Obwohl Düdelingen näher an Livingen liegt, meldete der Düdeler Schöffenrat bis jetzt keine Bedenken an. Das große Schweigen.

Könnte der Grund vielleicht darin liegen, dass dieses Projekt besonders von Seiten der LSAP unterstützt wird, wie z.B. durch Lucien Lux, ehemaliger Verkehrsminister und LSAP Fraktionschef, welcher sehr enge Beziehungen zum Promoteur hat, sowie durch Wirtschaftsmister Jeannot Krecké LSAP und Sportminister Romain Schneider, ebenfalls LSAP.

LSAP und CSV in einem Boot

Auch die CSV mit ihrer Spitzenkandidatin, der Gemeinderätin und Abgeordneten Sylvie Andrich Duval fordert die schnelle Umsetzung dieses Projektes.

Unterstützung kommt auch von der CSV-LSAP-Regierung, die voll und ganz hinter diesem Projekt steht.

Die ADR fordert daher die Vertreter der obengenannten Parteien im Gemeinderat auf sich klar und deutlich zu diesem Projekt zu äussern.

Die ADR-Sektion Düdelingen spricht sich gegen ein solches Projekt, so wie es jetzt vorliegt, aus und fordert gleichzeitig, dass die Revalorisierung des Stadtkerns nun mit allem Elan vorangetrieben wird.

Es darf keine Zeit mehr verloren gehen!

Sollte die Outlet Mall nämlich erst einmal stehen, dann ist kaum anzunehmen, dass der Einzelhandel und sein gesamtes Umfeld in Düdelingen, das in den letzten Jahren schon durch die in der Region entstandenen Einkaufszentren gelitten hat, grosse Überlebenschancen haben und somit ist die Zukunft von Düdelingen als lebendige Stadt gefährdet.



Die Zukunft für die Düdeler Geschäftswelt?

Ein neues Haus für die Düdeler Jugend!

Das derzeitige Düdeler Jugendhaus steht an einem denkbar schlechten Ort. Der Aussenbereich bietet fast keinen Platz, es liegt an einer gefährlichen Kreuzung und außerdem sehr nahe an Apartmenthäusern.

Da es dort, wo sich Jugendliche treffen, öfter auch einmal laut wird (man erinnere sich an seine eigene Jugend), sind hier Konflikte eigentlich vorprogrammiert.

Die ADR wird sich dafür einsetzen, dass das Jugendhaus dort entstehen soll wo es den Jugendlichen ermöglicht vielen Aktivitäten im Innenbereich wie z.B. Musik oder Theater, und im Aussenbereich wie Fussball, Basketball oder Grillparties nachzugehen ohne irgendjemanden zu stören.

Ein für die ADR denkbarer Ort für ein solches Jugendhaus wäre zum Beispiel das Frankelach. Um die Aktivitäten das ganze Jahr über optimal zu

gestalten und um neue Wege bestreiten zu können soll, falls nötig, das Personal aufgestockt werden.



Kein optimaler Ort für ein Jugendhaus

Dir fannt den kompletten Wahlprogramm fir d'Gemengewahlen op onser Homepage:

Le programme électoral complet pour les élections communales sur:

www.adr.lu



L'ADR – un message clair dans votre commune !

L'ADR – Alternativ Demokratesch Reformpartei ou parti démocratique réformateur – vous propose, tout comme sur le plan national, une réelle alternative dans votre commune : *eng kloer Sprooch an denger Gemeng* !, un message clair dans votre commune.

Dans de nombreux domaines politiques, l'ADR ne partage pas la « pensée unique » en vogue dans les partis traditionnels, et propose au contraire de réelles alternatives. Dans votre commune aussi, il est important que cet autre son de cloche se fasse entendre dans le paysage démocratique !

Nous vous résumons ci-dessous notre programme électoral pour les élections communales du 9 octobre 2011. Ce programme est axé sur 4 priorités qui s'appliquent à toutes les communes :

4 priorités pour chaque commune

1. La langue luxembourgeoise est primordiale pour l'intégration et doit avoir une place prioritaire dans les préoccupations des communes.
2. Jusqu'en 2018, chaque commune doit être accessible aux personnes handicapées.
3. Chaque commune doit adopter un plan pour améliorer la sécurité des citoyens.
4. Toute action politique doit mettre un accent particulier sur les familles avec des enfants.

Notre cinquième priorité concerne plus particulièrement la capitale, mais a une réelle importance pour le pays tout entier et la Grande Région : l'ADR mène un plaidoyer énergique en faveur du projet « City-Tunnel » et contre le Tram ! L'ADR est profondément convaincu que seul un tunnel ferroviaire, permettant de créer un vrai réseau express régional (RER), avec des arrêts à la Gare centrale, au centre-ville, au Limpertsberg et au Kirchberg, permet de résoudre le problème des nombreux navetteurs qui se rendent tous les jours à Luxembourg-Ville pour leur emploi.

**Dir fannt ons Politik gudd?
Notre politique vous plaît?
Dir wëllt ons ënnerstëtzen?
Vous aimeriez nous supporter?
Da maacht en Don!
Alors, faites un don!**


Ons Konten/Nos comptes
CCPLLULL LU14 1111 0913 0730 0000
BCEELULL LU91 0019 3555 2956 6000

Merci
adr-

Convaincus que ces priorités et propositions constituent les bonnes alternatives pour vous et votre commune, nous serions heureux si vous accordiez votre confiance aux listes de l'ADR !

1. Le Luxembourgeois, La porte vers l'intégration !

L'ADR s'engage résolument en faveur de la langue luxembourgeoise ! Loin de considérer l'usage de la langue nationale du Grand-Duché comme une barrière, le parti démocratique réformateur est au contraire profondément persuadé que l'usage du Luxembourgeois est LE moyen par excellence pour assurer l'intégration des nombreuses communautés étrangères résidant dans ce petit pays.



En sus de l'État, les communes ont également un rôle important à jouer dans la promotion de la langue nationale ! L'ADR propose notamment l'organisation de cours de luxembourgeois sur le plan communal, adaptés au niveau des élèves et avec des horaires permettant au plus grand nombre d'en profiter ! Les communes peuvent également mettre à disposition du matériel audio-visuel pour un apprentissage individuel, et surtout informer tous les citoyens non-luxembourgeois sur les nombreuses opportunités pour maîtriser la « langue de Dicks ».

Un effort particulier doit être consacré aux jeunes enfants, et le luxembourgeois doit être LA langue usuelle dans les crèches, maisons relais et dans les classes du premier cycle de l'enseignement fondamental. Pour les élèves primo-arrivants, l'ADR souhaite réintroduire les « classes d'accueil », dans lesquelles durant une année scolaire l'effort est porté sur l'apprentissage des trois langues « usuelles », cela afin de permettre par la suite à ces enfants de suivre les cours dans les meilleures conditions.

2. Des communes accessibles aux personnes handicapées!

Le 13 juin de cette année, le Parlement a ratifié, avec les voix de l'ADR, la « Convention relative aux droits des personnes handicapées » des Nations-Unies. Mais il ne suffit pas d'adopter un texte, l'ADR exige que les droits des personnes handicapées soient respectés dans la vie de tous les jours et, à ce titre, les communes ont un rôle important à jouer.

L'ADR pose toute une série de revendications très concrètes, dont voici le résumé. D'ici à juillet 2012, toutes les communes doivent établir un inventaire de l'ensemble de leurs bâtiments publics (mairie, écoles, crèches, ...), mais aussi les infrastructures



tels les trottoirs et parcs, indiquant les déficits au niveau de l'accessibilité pour les personnes souffrant des divers handicaps.

Sur base de cet inventaire, la commune établit un plan de 5 ans pour remédier à ces déficits. Ce plan est accompagné par une commission consultative communale au sein de laquelle siègent également des personnes handicapées. Les adaptations prioritaires concernent notamment l'installation de rampes d'accès et ascendeurs pour les personnes en chaise roulante (en veillant également à leur évacuation par exemple en cas d'incendie), des indications en Braille dans les ascenseurs, des signaux acoustiques aux passages à piétons réglés par des feux de circulation...

Le règlement des bâtisses doit exiger, pour toute nouvelle résidence à appartements, que ceux-ci soient accessibles aux personnes en chaise roulante. Cela vaut également pour les nouvelles constructions à des fins commerciales.

Les communes, moyennant du personnel disposant d'une formation spécifique ou par le biais d'une commission, cherche activement le contact avec les familles avec des enfants handicapés ou gravement malades pour leur proposer des aides complémentaires à celles proposées par l'État.

3. La sécurité, un droit!

Se sentir en sécurité est un droit élémentaire du citoyen ! Dans un État de droit, la force publique doit assurer cette sécurité, cela dans le respect des libertés individuelles. L'ADR est conscient que l'équilibre entre sécurité et liberté est parfois difficile à assurer, cela tant au niveau national que communal.



Il découle de cette difficulté que les autorités nationales et communales doivent travailler en étroite concertation, sachant que le poids des autorités communales doit être renforcé.

L'ADR exige que toutes les communes soient dotées d'un plan local de sécurité, élaboré entre la police grand-ducale et les autorités communales, cela après concertation avec la population. Les plans locaux de sécurité doivent être publics et adaptés régulièrement aux situations nouvelles.

La police doit assurer une plus grande présence sur le terrain, notamment à travers les commissariats de proximité dont les effectifs et les heures d'ouverture doivent correspondre aux besoins réels. La Police Grand-Ducal doit encore être organisée de telle façon qu'elle puisse éviter les « zones de non droit » et, le cas échéant, donner une réplique efficace aux bandes de voyous.

suite de la page 6

Le parti démocratique réformateur se prononce en faveur de l'installation de caméras de surveillance dans les endroits particulièrement dangereux, mais cela dans le strict respect de la sphère privée des citoyens et de la protection des données personnelles. Pour l'ADR, ces caméras ne peuvent être toutefois qu'un moyen auxiliaire qui ne saurait en aucun cas remplacer la présence physique de policiers.

4. Des projets sociaux pour les familles!

Même suite à la réforme des offices sociaux, les communes restent dans l'obligation pour soutenir les citoyens socialement défavorisés. L'évolution de la société appelle, spécifiquement au niveau local, à un degré de solidarité accru. La commune doit tenir compte du fait que le nombre des célibataires, des personnes âgées vivant seules et des familles monoparentales ne cesse d'augmenter.

Pour l'ADR, il est primordial que les personnes dites « socialement défavorisées » puissent vivre dans la dignité.

L'ADR propose ainsi que les communes établissent un plan social pour une durée de 6 ans. Des plans sociaux peuvent être établis sur le plan régional afin de mettre les différents structures d'aide en réseau et de faciliter les procédures.



Les personnes devant recourir à l'aide sociale doivent pouvoir s'adresser à une unique « personne de référence » qui les guidera dans l'ensemble de leurs démarches. Un encadrement social, éducatif et les aides pécuniaires sont mis en réseau pour assurer un encadrement le plus efficace et le plus complet possible.

Des mesures spécifiques sont prises en faveur des enfants et adolescents, des personnes malades et âgées, des personnes handicapées, des demandeurs d'emploi ainsi que des Immigrants. Au-delà, des mesures d'aide et de prévention sont mises en place pour éviter l'échec scolaire, le surendettement, le chômage, les dépendances et les maladies mentales et physiques. Des pro-

grammes seront proposés au niveau communal pour la prévention en matière de santé, pour que les citoyens bougent plus, pour une meilleure intégration sociale et pour des aides sur le plan éducatif.

5. Non au tram, Oui au City-Tunnel!

Pour la capitale en particulier, pour le pays et la Grande Région en général, la solution aux problèmes de transports est d'une importance primordiale. Le principal problème est constitué par le grand nombre de navetteurs qui viennent tous les jours travailler dans la capitale.

L'ADR est persuadé que seul le City-Tunnel, c'est-à-dire la construction d'un tunnel ferroviaire permettant de créer un vrai réseau express régional (RER), est LA solution à ce problème. Et le parti démocratique réformateur est le SEUL parti politique à s'engager en faveur de cette solution rationnelle.

Les autres partis souhaitent encombrer les rues de la ville de Luxembourg avec un Tram, entre la Gare centrale et le Kirchberg, disposant d'une capacité de 6 000 voyageurs heures, et avec des temps de parcours proche de ceux des bus actuels. Le City-Tunnel aura une capacité d'au moins 24 000 voyageurs / heure, avec des temps de parcours bien meilleurs et surtout, il évitera aux voyageurs ayant opté pour le train de ne pas devoir changer de moyen de transport pour atteindre le centre-ville, le Limpertsberg ou le Kirchberg ! Le projet City-Tunnel offre deux autres atouts majeurs : il créera de l'espace supplémentaire, plutôt que de rogner sur la surface déjà exigüe réservée aux moyens de transports et il évitera le chaos du vaste chantier nécessaire pour la pose des infrastructures nécessaires au tram.

L'ADR exige que tous les travaux préparatoires pour le tram soient arrêtés immédiatement, et que le GIE (groupement d'intérêt économique, constitué par l'État et la Ville de Luxembourg) soit immédiatement gelé, son personnel étant mis à disposition d'autres administrations actives au niveau des transports publics.

L'ADR exige que les projets City-Tunnel et Tram soient soumis à un référendum populaire suite à une campagne d'information objective.

Den ADR-Komitee Sektioun Diddeleng

President: Marc Schiffmann
Vizepres.: Trudy Reiff
Sekretärin: Micheline Feltz
Keessier: Leo Regenwetter
Memberen: Natacha Beullens
Edouard Blasen
Pierino Blasioli
Dora Blasioli
Maggy Block
Carlos Da Silva
Vivane Edöcs
Gast Gibéryen
Vic Haas
Josiane Losch
F. Loureiro Marques
Nancy Ourth
Leo Regenwetter
Fernand Schommer
Cindy Schreiner
Fränz Straus

Collaborer! Questions? Propositions!

Vous avez des questions ou propositions ou vous voulez vous engager activement dans notre parti? N'hésitez pas et contactez-nous sous le numéro:

+352 26 20 37 06

Matschaffen! Froen? Ureegungen!

Hutt Dir Froen oder Ureegungen oder wëllt Dir bei ons aktiv matschaffen, da zéckt net a rufft un, ënner der Nummer:

+352 26 20 37 06

Gidd Member an der ADR, a frot och Aër Famillgemembren a Frënn, fir Member ze ginn.

De Joresbeitrag ass fir eng Persoun 14.-€, fir e Stot 20.-€, a fir Schüler a Studenten 5.-€

Numm & Virnumm:

Adress:

.....

Telefon:

Email:

de pefferkär

Verantwortlech fir dëse Pefferkär
ass d'ADR-Sektioun Diddeleng an
d'ADR-Fraktioun

Oplag: 8 500 Stéck

adr-

Lëscht 6

>> eng kloer Sprooch...



Reiff Trudy
53 Joer
Conseiller fir Immobilien



Schiffmann Marc
54 Joer
Attaché parlementaire



Beullens-Lejal Natacha
30 Joer
Employée



Blasioli Pierino
66 Joer
Pensionnéiert



Blasioli-Zanotti Dora
60 Joer
Pensionnéiert



Block Maggy
57 Joer
Réceptionnistin



Da Silva Carlos
46 Joer
Geschäftsmann



Edöcs Yvonne
53 Joer
Aide-soignante



Haas Victor
65 Joer
Pensionnéiert



Loch Josiane
52 Joer
Hausfra



**Loureiro Marques
Filipe**
41 Joer



Ourth Nancy
41 Joer
Vendeuse



Regenwetter Léo
60 Joer
Pensionnéiert



Rossi Gina
34 Joer
Assistante médicale



Schreiner Cindy
19 Joer
Fleuristin



Straus Fränz
68 Joer
Pensionnéiert



Wirtz Denise
49 Joer
Hausfra

...zu Diddeleng!